N°1046
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1046 vum 22. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1) **Kann de Minister erklären, wéi et méiglech ass, dass eleng de Bedarf no méi Trainingsméiglechkeete beim Staat de Luxembourg zu enger Augmentatioun vun 382.500€ 2019 op 2.121.662€ 2023 bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte gefouert huet?**

De Stade de Luxembourg ass offiziell de 26. September 2021 ageweit ginn. Dëst erkläert wisou d'Fonctionnementskäschten zënter hier an d'Luucht gaange sinn. Dobäi koumen natierlech och déi steigend Energiepräisser, sou wéi och d'Acquisitioun vu verschiddenem Ekipement dat indispensabel ass fir dat de Stade de Luxembourg esou ka fonctionéiere wéi en dat aktuell fir d'Fussball- a Rugbymatcher mécht.

2) **Kann de Minister erklären, wéi et méiglech ass, dass eleng de Bedarf no méi Trainingsméiglechkeete beim Complexe sportif Parc Hosingen zu enger Augmentatioun vun 33.673€ 2019 op 71.680€ 2023 bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte gefouert huet?**

De Sportkomplex zu Housen gouf an dëser Zäit méi genotzt, sou dat och d'Fonctionnementskäschten an d'Luucht gaange sinn. Donieft spillen natierlech och déi steigend Energiekäschten eng Roll.

3) **A senger Äntwert huet de Minister geschriwwen: "A wat de Centre national de Golf ugeet, gëllt et ze betounen, dass déi finanziell Participatioun, bis dëst Joer, iwwer de Fonds d'équipement sportif national bezuelt gouf. Zënter 2024 leeft dëst och iwwer de Budget vun de nationale Sportzentren, sou dat Dësen am nächsten Aktivitéitsbericht wäert opgelëscht sinn."**

   **Firwat gouf de Centre national de Golf bis 2023 iwwert de Fonds d'équipement sportif national bezuelt?**

D'Ursaach loung an der Natur vun den Aarbechten déi um Centre national de Golf gemaach goufen. Déi finanziell Participatioun gouf via Konventioun gereegelt. An Tëschenzäit huet eng nei Konventioun déi al ersat, sou dat d'Bedeelegung vun de Fonctionnementskäschten iwwer den Artikel vun de Centres nationaux geregelt gëtt.

4) **Zu der Fro nom Centre national de canoë kayak" zu Dikrech huet de Minister Follgendes geäntwert: "D'Komplexitéit vum Dossier, duerch d'Bedeelegung vu ville staatlechen Instanzen, ass de Grond wisou de Centre national de canoë kayak Stand haut nach net konventionéiert ass an de Sportsministère d'Fonctionnementskäschten net kann iwwerhuelen." Och wann hei verschidde staatlech Instanzen involvéiert sinn, sou gëtt et dësen zënter 2016.**

   **Firwat ass den och no méi wéi 8 Joer zënter senger Grënnung nach net konventionéiert? Ginn et ausser der Bedeelegung vu verschiddenen staatlechen Instanze besonnesch Grënn dofir?**

Sou wéi et aus der viregter Äntwert ervirgeet ass dësen Dossier duerch d'Implicatioun vu verschiddenen Instanze komplex. Allerdéngs préiwe meng Servicer aktuell eng Propositioun déi et géif erlaben eng Konventioun mat de verschiddene Partner kënnen z'ënnerschreiwen.

5) **De Centre national des arts martiaux krut bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte :**

   **2021 138.563€, 2022 660.229€ an 2023 215.203€.**

   **Kann de Minister déi grouss Ënnerscheeder beim Centre national des arts martiaux erkläeren?**

2022 sinn d'Personalkäschte réckwierkend op d'Joren 2018 – 2021 bezuelt ginn, sou dat deen exzeptionelle Montant zustane koum.

**Lëtzebuerg, den 21. August 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo